



A  
Monsieur le Ministre  
aux Relations avec le Parlement  
p.a. Service Central de Législation

**REÇU**  
Par Alff Christian, 16:48, 19/03/2021

Luxembourg, le **19 -03- 2021**

**Objet : Question parlementaire n°3647 du 15 février 2021 de Messieurs les Députés Marc Goergen et Sven Clement concernant « Photos prises par le système de contrôle et de sanction automatisés »**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,



Henri KOX

Äntwert vum Här Henri KOX, Minister fir bannenzeg Sécherheet, op parlamentaresch Fro n° 3647 vum 15. Februar 2021 vun den honorabelen Deputéierte Marc GOERGEN a Sven CLEMENT iwwert " Fotoe vun de Radaren "

Ad Fro 1

1. Wéi vill Biller hunn déi fix Radare säit hirer Opstellung bis haut gemaach (opgeschlësselt no Radar an no Joer)?

D'Unzuel vun de Biller, déi zënter 2016 bis haut gemaach goufen, ass net méi novollzéibar, dat well de Gros vun den Infraktiounen bezuelt ass a déi deementspreechend Biller geläscht goufen. Fotoen déi net verwäertbar sinn, ginn direkt geläscht a den Dossier zougemaach. Dëst steet an Aklang mam Artikel 4 vum "règlement grand ducal du 7 août 2015 autorisant la création d'un fichier et le traitement de données à caractère personnel dans le cadre du système de contrôle et de sanction automatisés".

*« (1) Les photos enregistrées sont effacées au plus tard deux semaines après l'acquittement de l'avertissement taxé.*

*En cas de procédure pénale, ce délai court à compter du jour où le dossier a été définitivement classé sans suite, où la décision judiciaire n'est plus susceptible d'aucun recours ou où l'action publique est prescrite.*

*Les photos enregistrées non exploitables sont effacées au plus tard deux mois après leur enregistrement. »*

Wat d'Unzuel vun den Infraktiounen ubelaangt, verweise mir op eis gemeinsam Äntwert op d'parlamentaresch Ufro N° 3326 vum 17. Dezember 2020 vun den honorabelen Deputéierte Max Hahn a Claude Lamberty.

Ad Fro 2

2. Ginn d'Bäifuerer, déi op de Biller vun den Infraktiounen ze gesi sinn, anonymiséiert, ier d'Biller op Servere geluede ginn? Falls nee, wéi ass dëst konform mat den europäeschen an nationale Reegele vum Dateschutz?

D'Biller ginn net anonymiséiert ier se op d'Servere gelueden ginn.

Den Artikel 2 (1) vum "règlement grand ducal du 7 août 2015 autorisant la création d'un fichier et le traitement de données à caractère personnel dans le cadre du système de contrôle et de sanction automatisés" gesäit fir:

*« Art. 2. Données à caractère personnel traitées.*

*Le fichier contient les données suivantes, par infraction constatée et enregistrée:*

*1. les photos concernant le véhicule en infraction, son conducteur, son numéro d'immatriculation et éventuellement ses passagers ; »*

Et gëtt also eng legal Basis fir den Enregistrement vun dësen Photoen. Dëswéideren ass am Artikel 4(1) vum selwechten RGD virgesinn dass d'Photoen 2 Wochen noom Acquittement vun engem Avertissement Taxé geläscht ginn. Dateschutzgesetz vum 1ten August 2018 verlaangt dass all Traitement Dateschutzprinzipien vun der Légalitéit, Nécessitéit an Proportionnalitéit respektéiert. An dësem Fall, wou eng Anonymisatioun ab initio technesch nach net méiglech ass,

schénge d'ësen Traitement net exzessiv ze sinn an Ugesicht vum relativ limitéierte Impakt op d'Privatsphär vun den betraffen Persounen. Dëst schléisst net aus dass an Zukunft soueng Technologie kann agesaat ginn.